Dem Glodés Misch vun Heischent e leschten Äddi

Et ass elo iwwert d'Joer, datt de Glodés Misch zu Heischent begruewe gouf. Sécher feelt heen der Famill iwwerall, mee och am Döerf höt heen e Lach hannerloss.

De Misch war säi ganzt Leewe laang eng dreiwend Kraaft. Vu klengem un höt d'Konscht heen nët lassgeloss. E fréiere Schoulkolleg erënnert sech, wéi de Misch am 7. Schouljoer mat Waasserfaarwen – fir déi aner Kanner onvirstellbar – Szenen aus Märercher vun de Gebridder Grimm gemoolt höt. Spéider sollt heen Usträicher ginn a sech zu Heischent etabléieren.

Als Bouf ass heen der Heischter Musik bäigetröden. Mat der klenger Tromm ass heen 1935 fir d'éischt beim Hämmelsmarsch duerch d'Döerf gang.

Wee weess, wat fir Dreem de Misch hat, a wat fir eng Pläng hee verwierklicht hätt, wann den Zweete Weltkrich net seng ganz Jugend zerstéiert hätt. D'Schicksal sollt et net gutt mat him mengen, an nëmme Méint no Krichsenn a fuerchtbarer Ongewëssheet bei senger Famill ass heen iwwer Tschenstochau aus russescher Gefaangeschaft heemkomm.

Döerno war heen iwwer Joerzingten net méi aus dem Heischter Veräinsleewe wechzedenken. Seef et bei de Jongen aus dem Döerf, an der Musik, am Gesank oder am Foussball, seef et um Concert, um Match oder am Theater, de Misch höt néirens gefeelt.

Seng grouss Léift sollt eewer d'Musik bleiwen. Keen Instrument war him friem. Ob kleng Tromm, Trompett, Baryton, Tuba oder Trombone, wou an engem Regëster e Lach war, ass heen agesprong.

Mee och am Comité vun der Heischter Musik höt hee wäertvoll Aarbicht geleescht. Als Member vun 1957 bis 1989, als Vizeprësident vun 1970 bis 1989, höt heen d'Leewen an d'Entwécklung vum Veräin staarkt beaflosst. Och an de Fest- an Organisatiounscomitéen 1971 an 1979 war heen onentbehrlich.

Als Autodidakt höt heen et allerdings net beim Musikspille beloss, mee heen höt sich och selwer un d'Schreiwen an d'Arrangéiere ginn. Sou war heen ëmmer déi richtig Uspreechpersoun, wann iergendwou eng musikalisch Begleedung gebraucht gouf.

Ob klengen Orchester bei engem Fösbal oder gréisseren Danzorchester beim deemools bekannte Gromperefest, ob klenge, séier zesummegetrommelte Grupp ouni Numm oder mam Emblème „Stauséibléiser" op der décker Tromm, de Kapp dervu war ëmmer de Glodés Misch. Net verwonnerlich och dofir, datt heen 1972 offiziell zum Sous-chef vun der Heischter Musik ernannt gouf. Wéi vill vu senge Kollegen höt heen an all Nopeschmusik ausgehollef, wou Nout um Mann war. Sou war et de Fall am August 1954 bei der Rochusprëssioun zu Esch/Sauer. Dës Musik sollt heen ni méi ganz lasslossen, an am November 1982 ass heen do zum Dirigent ernannt ginn, eng Plaz, déi hee bis zu sengem Doud mat deem him eegenen Engagement an Äifer bekleet höt.

D'Zesummeschaffe mam Misch am Veräin war net ëmmer einfach. Mat senger direkter an éierlicher Aart a Weis höt hee méi wéi eng Kéier ugëeckt. Bal ëmmer hunn allerdings seng Kritiker him nodréiglich misse Recht ginn. Duerch seng Erfarung a säin Instinkt höt heen ëmmer séier erkannt, wat zum Wöel vum Veräin wier, respektiv wat fir eng Entscheedung de Veräin spéider géif bedaueren.

Vill Membere si schons vun der Musik gaang a ware séier vergeess. De Misch wäert duerch säi virbildlichen Asaz, säin aussergewéinlicht Kënnen, seng Spiichten an net zulescht duerch all déi handgeschriwwe Stëmmen an de Proufsäll nach lang an der Mëtt vun der Musik bleiwen.

D'Musik vun Heischent
D'Musik vun Esch/Sauer